

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2021

Här Xavier Bettel
Premierminister
2, place de Clairefontaine
L-1341 Luxembourg

Oppene Bréif

Här Premierminister,

mat dësem Bréif wëlle mirlech op en Ëmstand opmierksam maachen, deen an eisen Aen deontologesch ganz problematesch ass.

Am Joer 2015 gouf déi Lëtzebuenger Filmproduktioun „Foreign Affairs“ dem Public presentéiert. De Film gëtt en Abléck an d'Aarbechts- an d'Alldagsliewe vum Här Bausseminister Jean Asselborn. Dëst Joer gouf déi franséisch-lëtzebuergesch Filmkoproduktioun „An zéro: Comment le Luxembourg a disparu“ um Televisiounskanal *arte* ausgestraalt. Esouwuel d'Madamm Ëmweltminister Carole Dieschbourg, ewéi och den Här Energieminister Claude Turmes wierken aktiv mat an dësem Film, dee vum Zenario vun enger Atomkatastroph zu Kettenuewen handelt.

Esouwuel „Foreign Affairs“, ewéi och „An zéro: Comment le Luxembourg a disparu“ goufe vum „Fonds National de Soutien à la Production Audiovisuelle (Film Fund Luxembourg)“ finanziell ënnerstëtzt, dee jo a staatlecher Hand ass an domadder vu Steiergelder finanziert gëtt.

Et ass an den Ae vun der ADR deontologesch méi wéi problematesch, datt sech Regierungsmemberen iwwert eng vu Steiergelder finanziert Plattform ëffentlech profiléieren. D'Finanzéierung vun de politesche Parteien ass duerch d'Gesetz festgeluecht, a mir bedauern, datt hei iwwert de Wee vu staatlech finanzierte Kulturariichtungen eng Hannerdier opgemaach gëtt, fir parteipolitesch Intressien oder och eng Profiléierung vun eenzele politesche Perséinlechkeeten ze promovéieren. De Verdacht vum Mëssbrauch vun ëffentleche Gelder iwwert eng Ëmfunktionéierung vum Filmfong fir politesch Zwecker steet am Raum. Kënne Ministeren ongehënnert iwwer Steiergelder, déi fir kulturell Zwecker virgesi goufen, Reklamm fir sech an hir politesch Positiounen maachen?

Dowéinst biede mirlech, Här Premierminister, déi fir d'Regierung zoustänneg Deontologiekommissioun ze saiséieren a si ëm hiren Avis an dëser Saach ze froen. Am Sënn vun der Transparenz biede mirlech och, d'Ëffentlechkeet iwwert Är Demarchen an dëser Saach an iwwert den Avis vun der Deontologiekommissioun ze informéieren.

Mat déiwem Respekt,


Fernand Kartheiser
Fraktiounspresident


Jean Schoos
Parteipresident